



NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

12/2011

Virwuert

## Léif Frënn,



2011 ass esou gutt ewéi eriwwer, an 2012 kënnegt sech un. Elo ass d' Zäit, fir e Réckbléck an e kuurzen Ausbléck ze man.

Mat der Assemblée générale am Mäerz huet d' Joer ugefaang. Em Ouschtere wor am Konschthaus Beim Engel d'Ausstellung „Photovision 1 & 2" vum Carlo Hommel. Op der Éimaischen wore mer och erëm derbäi.

D'Ausstellung iwwert d'Grande-Duchesse Charlotte ass hire Wee weider gaang duerch d'Land. Statioun huet se gemaach an der Stad am Konviktsgaart, zu Iechternach, Niederanven, Ierpeldeng, Hesper, am Musée de la Déportation zu Hollerech, an den Ofschloss wor zu Veianen am Schlass. Den Erënnerungsband vun der Ausstellung wor bis elo e groussen Erfolleg.

Eng ganz flott Saach wor onsen Aulebäckermaart an der Alstad mat Aulebäcker aus Däitschland, Frankräich, der Belsch a Lëtzebuerg.

Ons Chrëschtdagseditioun ass dëst Joer e schéinen ale Stadplang aus dem Joer 1769. Enzelheete fann Dir hei an onsen Alstad News.

2012 gëtt e ganz bedeitend Joer fir de Comité Alstad. Dat Joer kann de Comité Alstad op seng 75- jähreg Geschicht zréckkucken. A fir dat ze feieren, hu mer e ganz flotte Programm zesummegestallt. De geneeë Programm stelle mer offiziell am Januar bei Geleeënheet vun der Generalversammlung vir. Dir wärt gesinn, datt dat e ganzt feierlecht Joer gëtt, an am Programm ass fir jiddereen eppes derbäi.

D'Memberen an ech perséinlech wënschen Iech ganz schéi Chrëschtdeeg a vill Gléck am Neie Joer 2012, wou mir ons da vläicht bei der enger oder anerer Manifestatioun vum Comité Alstad erëm gesinn.

Jean-Mathias GOERENS
*President*

## O PRUFF

### Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.


De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**Comité Alstad och elo op facebook**

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • **Fax:** 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# Plang vun der Stad a Festung Lëtzebuerg (1769)




Dëse Plang gouf fir d'éischt am Joer 1769 publizéiert an „Les Délices des Pays-Bas, ou Description géographique et historique des XVII. Provinces Belgique, vum Jean-Baptiste Chrystin.

Elo fir d'Feierdeeg vum Joeresenn kënne mir iech e Faksimilé vun dësem Plang zum Präis vun **12,50 €** ubiddden. D' Format vum Plang ass 138 x 180 mm. En ass gedréckt op Pobeier 250 g/m²(Conqueror) am Format DIN A4.


Bestelle kann een de Plang vu Stad a Festung Lëtzebuerg beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun **12,50 €** (Porto abegraff) op ee vun onse Konte bei der

**Spuerkeess :** **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck :** **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**Fortis Bank :** **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

mam Vermierk: Plang vun der Stad a Festung Lëtzebuerg. Är Bestellung kënnt dann nach virun de Feierdeeg um Postwee bäi iech heem.

Wann Dir nach op der Sich sidd no engem spezielle Cadeau fir är Famill oder Frënn, esou ass dat hei vläicht eng gutt Iddi.

# Grande-Duchesse Charlotte (1896-1985)




Wéi Dir nach vläicht wësst, hat de Comité Alstad an Zesummenaarbecht mam Luxemburger Wort 2010-2011 eng Ausstellung organiséiert, déi d'Liewe vun der grousser Dame retracéiert huet. Et wor eng Ausstellung, déi net nëmmen an der Stad um Fëschmaart am Konschthaus Beim Engel ze kucke wor, mee si ass weider gaang a verschidden Uertschafte vun onsem Ländchen.

Iwwert d'Ausstellung ass fir d'Éimaischen e schéinen Erënnerungsband mat ville Fotoën erauskomm, dee mer réaliséiert hunn mat der Hëllef vum Luxemburger Wort an dem Kulturministère.

Wann Dir intresséiert sidd un dësem Erënnerungsband, deen a kengem Stod, dee sech fir d'Lëtzebuerger Geschicht an ons Groussherzoglech Famill intresséiert, däerf feelen, da kënn Dir e bestelle beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun **21 €** (Porto abegraff) op ee vun onse Konte bäi der


**Spuerkeess :** **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck :** **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**Fortis Bank :** **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

mam Vermierk: Fotosband Grande-Duchesse Charlotte. Är Bestellung kënnt dann nach virun de Feierdeeg um Postwee bei iech heem.

## Hei nach e puer Virschléi fir e schéine Chrëschtdagscadeau

Wat ass um CD?

1 Annen-Walzer, op.9
2 Dame de Trèfle, Polka, op 23
3 Ma Mie, Polka-Mazurka, op.26
4 Mumm Séiss – Ouverture
5 Ech sinn e groussen Hexemeeschter
6 Et wor emol e Kanonéier
7 Ech wëll mech eemol net bestueden
8 Du brauchs mer näischt ze schwieren
9 Fir wat soll ech mech net bestueden
10 Nun as alles an der Rei
11 Chouer
12 Schlussszeen




Präis: 15 €

## Prospekt der Statt Lüzemburg

### (Matheus Merian, 1654)

Hei nach eng Propositioun fir e flotte Cadeau: vun der schéiner a rarer Vue vun der Stad Lëtzebuerg, déi mir dat lescht Joer erausbruecht hunn, ass nach eng kleng beschränkten Zuel ze kréien.

D'Original ass vum Matheus Merian aus dem Joer 1654, gëtt am Geschichtsmusée vun der Gemeng Lëtzebuerg versuergt, a kënnt aus der Collectioun vum Lambert Schaus, Matbegrënner vum Comité Alstad.




Dës Vue vun der Stad vu Süden aus gekuckt, huet en ongewéinlecht Format: 36 x 13,5cm

De Faksimile (DIN A3) kascht **15 €.**

Bestelle kann een den CD "Dicks" oder de "Prospekt der Statt Lüzemburg" beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konte bäi der


**Spuerkeess : IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck : IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**Fortis Bank : IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

**Är Bestellung kënnt um Postwee bei iech heem.**


# RONDERËM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (9)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH







D'Méchelskierch, vum Grof Siegfried, dem éischte Lëtzebuerger Grof, als Kapell vun der Virburg gebaut, gouf am Joer 987 ageweit. Eng zweete Kéier gouf si geweit a Präsenz vum Kinnek Jang de Blannen am Joer 1345, no der Vergréisserung vun der Kapell. D'Kierch gouf 1443 duerch d'Burgunder zerstéiert, ass verbrannt am Joer 1509 a gouf 1519 erëm opgebaut. No engem Bombardement vu 1543 gouf si nees eng Kéier renovéiert. 1628 hunn d' Dominikaner se iwwerholl, a 1639 no Weste vergréissert. Den Tuerm ass aus dem Joer 1648. De Chouer gouf 1683 an 1684 bäi de Bombardementer ganz schwéier beschiedegt a 1688 a sénger heiteger Form opgebaut.

Ier mer an d'Kierch eraginn, kucke mer ons d'Fassad un, déi 1950 fräigeluecht gouf, an 2002 erëm an hiren ursprünglechen Zoustand bruecht gouf. Lénks un der Fassade gesi mer d'Iwwerreschter vun engem vermauerten, romaneschen Zougank. Nieft dem Haaptportal ass d' Méchelskapell (fréier en Haische mat engem Buer) mat enger Réplique vum Hellege Méchel. Dës Kopie huet de Comité Alstad bäi Geleeënheet vun der Dausendjoer-Feier vun der Méchelskierch, an dem 50te Gebuertsdag vum Comité Alstad, ufäerdege gelooss, an Ouschterméindeg 1987 erëm opstelle gelooss. D'Original gouf 1986 restauréiert, a steet elo an der Kierch. D'Renaissance-Portal ass en Don vum Kinnek Louis XIV., a gouf am Joer 1689 opgebaut. Duerfir ass och um Portal de franzéische Liljewopen ze gesinn.

Mir ginn elo an Kierch eran. Op der rietser Säit ass déi ëm 1630 gebaute Méchelskapell mat engem schéine barocken Altor. Mir kucken elo am Haaptschëff op dee barocken Haaptaltor vum Bartholomäus Namur. Dësen Altor an de Priedegtstull kommen aus der fréierer Kongregatiounskierch, der heiteger Protestantescher Kierch. D'Altorbild mat der Duerstellung vun der Himmelfahrt vun der Muttergottes soll vum Moler De Crayer (1584-1669) sinn, engem Schüler vum Rubens. Déi zwou prachtvoll Statue béidsäiteg vum Haaptaltor sinn och vum Bartholomäus Namur. Vum Haaptaltor an d'Kierch gekuckt, gesi mer d'barock Uergel aus dem 17ten Joerhonnert, déi och aus der fréierer Franziskanerkierch kënnt. 1971, ënnert dem Dechen Jules Jost, gouf d'Uergel komplett renovéiert. Op der lénker Säit vum Haaptschëff, am fréiere Réfectoire vun den Dominikaner, ass säit 1843 d'Rousekranzkapell mat engem Altor, an deem e schéine stengene Christus läit. Op däer anerer Säit steet e restauréierte Barockaltor mat zwee Beichtstill aus der fréierer Franziskanerkierch. Grouss Renovatiounsarbechte vun der Méchelskierch goufe gemaach: 1950 ënnert dem Paschtouer Lucien Schaack, an 1962-1963 (fir d' Joerdausendfeier vun der Stad Lëtzebuerg) ënnert dem Deche Jacques Schmit.

Mir verloossen elo d'Méchelskierch a ginn no riets a Richtung Schlassbréck. Op der lénker Säit, un déi fréier Jousefsklinik ugebaut, ass d'Gebai vum Staatsrot, e Gebai vun ëm 1950, wat net esou richteg an déi historesch Géigend passt.

Iwwer d'Strooss, op enger klenger Wiss, steet e Monument aus dem Joer 1935. Et ass vun der Studentenassociatioun Assoss opriichte gelooss ginn, als Erënnerung um J.W. von Goethe säin Openthalt hei zu Lëtzebuerg.

Wann all geplangten Embauten um Fëschmaart fäerdeg sinn (och déi fréier Clinique Saint François mam Kräizgank soll nach ëmgebaut ginn), da brauch ons Alstad sech am Verglach mat aneren Alstied aus Europa net ze verstoppen.

Mir sinn um Enn vun onsem Tréppeltour duerch d'Alstad ukomm. Et woren alles „Saachen aus der aler Stad". Et wär ze wënschen, datt de Krees vun de Frënn vun der Alstad weider wiisst, an deen een oder anere gär erëm kënnt, fir sech déi Saache méi genee unzekucken, déi e grousse Konschtwäert hunn, an Zeie si vun onser Lëtzebuerger Geschicht. D'Zäite vun haut leeën ons zwar aner Suergen op, an et kéint ee mengen, mir hätte besser ze din, ons méi ëm d'Zukunft ze bekëmmeren wéi ëm d' Vergaangenheet. Mee mir sollen och nët déi Wierder vergiessen, déi de Professer Engling viru méi wéi 150 Joer geschriwwen huet:

*„E Vollek, dat keen Intressi*
*huet fir d'Erënnerung vu senger*
*Vergaangenheet ze erhalen, ass sech*
*entweder senger Nationalitéit nach*
*net bewosst oder et ass drun,*
*se geschwënn ze verléieren."*

Quell: Die Altstadt Luxemburg, Tony Kellen, 1939